Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8ten Abrëll 2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Administrativ Reform, Bannenzeg Sécherheet, Mobilitéit, Interieur, Finanzen, Justiz & Digitalisatioun weiderzeleeden.

No der Prozedur vum Code de la Route a sengen zougehéierege Reglementer kann eng Infraktioun, wéi zum Beispill Falschparken, mat engem Avertissement taxé bestrooft ginn. Nieft der Police Grand-Ducale däerfen Gemengebeamten en Avertissement taxé dresséieren, wann se eng Infraktioun konstatéieren. Wéi vertraulech Quelle mer beriicht hunn, ginn et aktuell a verschiddene Gemengen erhieflech Schwieregkeete fir d'Montante vun den Avertissements taxés anzedreiwen. No mengen Informatiounen bezuelen Net-Residenten an enger gewësser Reegelméissegkeet hir Avertissements taxés net, well déi penal Prozedure vum Gesetz, aus engem Mangel u Ressourcë bei der Police, net ugewannt ginn. Dëst bedeit, dass een onbekannte Montant un Avertissements taxés nach als Recette oppe stoe bleift.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Opgelëscht no Joer vun 2013 bis 2019, wéi vill Avertissements taxés si vun 2013 bis 2019 dresséiert ginn?
    - No der selwechter Oplëschtung, wéi vill Avertissements taxés si bezuelt ginn oder net bezuelt ginn?
    - No der selwechter Oplëschtung, wéi vill Recettë sinn duerch d'Avertissements taxés an deene Jore generéiert ginn?
    - No der selwechter Oplëschtung, wéi eng Recetten un Avertissements taxés sti bis Stand Abrëll 2019 nach oppen?
2. Kann d'Regierung confirméieren, dass d'Avertissements taxés, virun allem bei Net-Residenten, vun 2013 bis Februar 2019, all agedriwwe gi sinn? Falls nee, aus wéi enge Grënn sinn se net agedriwwe ginn?
3. Si beim Andreiwe vun den Avertissements taxés prozedural Ënnerscheeder tëscht Residenten a Net-Residenten gemaacht ginn?
    - Falls jo, wéi gesäit d'Prozedur fir Residenten aus? Wéi gesinn d'Prozeduren fir Net-Residenten aus?

4. Kann d'Regierung confirméieren, dass bestëmmten Avertissements taxés erreischt ab engem gewëssen Montant agedriwwe gi sinn? Falls jo, a wéi enge Fäll ass dëst bis elo zougetraff?
5. Am Koalitiounsprogramm steet geschriwwen: "Afin de renforcer le respect des règlements communaux, les compétences des agents municipaux seront élargies sur base du projet de loi existant." (Säit 36).
    - Wéi eng Grënn schwätze fir d'Ausbaue vun de Kompetenze vun de Gemengebeamten?
    - Wéi eng konkret Schrëtt sinn hei virgesinn? Falls de Punkt nach an der Analyse oder Evaluatioun ass, op wéi setzt sech dës Analyse oder d'Evaluatioun zesummen (Kritären, Ëmfang, Zäitplang)?
6. Kéint de Minister fir Digitalisatioun an Administrativ Reform sech virstellen, d'Gemengebeamten méi an dë Prozess vum Andreiwe vun den Avertissements taxés matanzebannen an doriwer eraus d'Prozedur ze digitaliséieren? Wéi eng weider Schrëtt gedenkt den Här Minister ze ënnerhuelen?
7. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Police Grand-Ducale an hirem aktuelle Fonctionnement mat hiren administrativen Aufgaben iwwerlaascht ass?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Député